



Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n°6396 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Sven CLEMENT iwwert "d'Identitéit vun Persounen déi bei der Police uruffen."

Ad 1)

Generell ass et fir d'Police wichteg, dass d'Identitéit vun enger Persoun déi urufft a potentiell eng Interventioun déclenchéiert, kloer kann etabléiert ginn. Wann et no der Interventioun zu enger penaler Suite kennt ass dëst ämsou méi wichteg well d'Persoun e wichtegen Zéie ka sinn.

Ad 2) an 3)

D'Identitéit vun der Persoun déi Ulass vun enger Reklamatioun ass, gëtt net systematesch devoiléiert. Wann et sech em strafbar Handlungen handelt, muss ee Procès-verbal geschriwwe gi wou all Identitéite mussen am Dossier virkommen, also och Zeien déi den Ausléiser vun der Affär waren. Dat ass an der procédure pénale virgesinn. Doduerch soll evitéiert ginn, dass systematesch anonym Denonciatioune gemaach ginn.

D'Froen betreffend d'Regelen wéi penal Dossieren traitéiert gi sinn am Code de Procédure Pénale festgehalen.

Ad 4) a 5)

Wat d'Aschreiwen, den Traitement an di entspriechend Regeln betreffend den Dateschutz vun den Donnéeë am "Einsatzleitsystem" vun der Police ugeet, ginn et niddergeschriwwen Uweisungen, déi öffentlech zougänglech sinn um Site vun der Police :

<https://police.public.lu/fr/support/protection-des-donnees-a-caractere-personnel.html>

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX